ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Den däitsche Bausseminister Heiko Maas ass no sengem Besuch am Irak der Meenung, datt opgrond vun der stabiller Sécherheetssituatioun irakesch Flüchtlingen, déi sech aktuell an Däitschland ophalen, erëm an hiert Heemechtsland kënnen zeréckgoen. An engem Artikel vun der Frankfurter Allgemeine vum 18. Dezember gëtt den Här Maas folgendermoossen zitéiert:

„ (...) ich glaube, die Sicherheitslage ist tatsächlich so, dass man sagen kann, es besteht auch die Basis dafür, (...) dass Menschen eine Perspektive haben, hier zu bleiben, aber auch wieder hierher zurückzukommen"

Och den irakesche Bausseminister Mohammed Ali al Hakim huet no sengem Treffen mam Heiko Maas seng Landsleit opgeruff, an den Irak zeréckzekomme wëll d'Sécherheetslag am Land wéi hie seet „exzellent" wär.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Bausseminister dës Froe stellen:

1) Wéi vill Iraker mat Recht op Asyl oder subsidiär Protektioun sinn am Ableck hei zu Lëtzebuerg?
2) Fuerdert d'Regierung am Kontext vun den Aussoe vum Här Maas an dem irakesche Bausseminister d'Iraker op, an hiert Land zeréckzegoen well deemno kee Grond méi fir eng international Protektioun besteet ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten